



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°5113 vum 19. Oktober 2021 vun dem éirewäerten Députéierten Marc Goergen iwwert de Magazine "CO2OL- Zesumme fir ee gutt Klima"

1. Wéi héisch war d'Oplag vun der éischer Editioun vum Magazine?

Déi éischt Oplag vum CO2OL-Magazine louch bei 264.032 Exemplairen. Dorënner fällt den Direct Mailing vun der Post un all d'Haushalter vum Land, ewéi och d'Exemplairen fir déi zoustänneg Ministère, Déngschtleeschter an d'Archiven vun der Nationalbibliothék.

2. Wéi vill Kilo Pabeier sinn am Kader vun der Hierstellung vum Magazine verschafft ginn?

Et goufen fir déi éischt Oplag vum CO2OL-Magazine insgesamt 42.949 kg Pabeier fir d'Bannesäite verschafft. D'Coversäiten hunn zousätzlech 4.543 Kilo u Pabeier an Usproch geholl. De Gesamtvolumen louch insgesamt bei 47,5 Tonnen Pabeier, wat fir eng flächendeckend Publikatioun vu 64 Säiten e ganz kompetitive Wäert ass.

3. Wéi vill Kilogramm CO2 goufen duerch d'Hierstellung, d'Material an de Versand vun dësem Magazin produzéiert?

D'Fro vum honorablen Deputéierten no der Klimabilanz vum Magazine ass eng gutt a wichteg Fro, fir déi och de Stat am Virfeld vun der Produktioun Äntwerten a Form vun engem nuanciéierte Rapport gefrot huet. Eng standardiséiert Berechnung an Erfassung vum Klima-Foussofdrock ass nämlech e wichtige Bausteen fir eng transparent Bewertung vu klimafreundleche Léisungen an dowéinst onerlässlech fir d'Erreeche vun eise nationale Klimareduktiounsziel.

Aktuell ass et awer esou, dass nach net all d'Akteuren an d'Betriber an all Liwwerketten genau kënnen aussoe, wéivil CO₂ si am Kader vun enger bestëmmter Aktivitéit verbrauchen. Dofir gouff fir den CO2OL-Magazine gezielt mat Déngschtleeschter zesummeverschafft, déi Opschloss iwwert d'Klimaperformanz vum Magazine konnten ginn, och wa bis haut nach keen eenheetleche Standard fir d'Berechnen vun den Emmissiounen existéiert.

D'Donnéen, déi fir dës éischt Produktioun vum CO2OL Magazine virleien, ëmfaassen zunächst d'Beschaaffung vum Material, inklusiv d'Fälle vun de Beem an d'Verschaffe vun der Matière première, wéi och d'Produktioun vum Magazine selwer an der Dréckerei, fir déi insgesamt 16.914 kg un CO₂-Austouss verbucht goufen. D'Dréckerei huet sech am Kader vum Unhuelen vum Opdrag fir d'Produktioun vum Magazine des Weideren verpflichtet gezielt an Effizienz- an Nohaltegkeetsmesuren ze investéieren. Am Kader vum Direct-Mailing vun der Post sinn zousätzlech 4.253,02 kg CO₂ ugefall.

D'Leit vun der Agence, déi um CO₂OL-Magazine geschafft huet, sinn zu ronn 80% mam Vëlo, mam Bus oder zu Fouss op d'Aarbecht komm. Déi grouss Majoritéit vun de Meetings sinn iwwer Videokonferenzen gemaach ginn, fir onnéideg Trajeten z'evitéieren. D'Niddregenergie-Gebäi, an deem d'Agence schafft, benotzt grénge Stroum, mat engem Gesamtverbrauch vun 836,31 kg CO₂ pro Joer, déi dann an e Kompensatiounsprogramm afléissen. D'Räimlechkeeten sinn desweideren un e Nahwärmenetz ugebonden an verfügen iwwert e Puits



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

canadien, wat den Energieverbrauch zousätzlech erofschrauw. Fir d'Koordinatiouns-, d'Redaktiouns- an d'Designaarbechten ronderëm de Magazine falen netto deemno just nach 64 kg zousätzlech un CO₂-Emissiounen un.

Am Gesamtbild ergëtt de Bilan vun der éischter Editioun soumat e Klima-Fousofdrock vun 21.231,02 kg CO₂.

Lëtzebuerg, den 23. November 2021
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesche fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung